

ganz sécher net direkt hei d'Fro vun der OIV, mä dat ass méi eng Fro vu bilateraler Zesummenaarbecht, wou mer traditionell jo vill mat de Fransousen an och mat Däitschland zesummeschaffen.

Kënne mer eis et leeschte fir net dobäi ze sinn? Et gëtt Länner, ech hunn dat an der Kommissioun och opgeworf, wéi d'USA, d'Madeleine Albright herself huet geschriwwen, si géingen elo austrieden, si hätten es genuch. Anscheinend, ass eis gesot ginn, wëllten se dann awer elo erëm bäitrieden. Et liest een och, datt Länner mat de Cotisatiounen esou am Réckstand wären, datt de Fonctionnement vun der Organisation seriö a Fro gestallt wär. Da muss ee sech awer och d'Fro stellen: Wat ass dat fir e Veräin a sinn do nach vill aner Länner der Meenung, datt déi Nätzlechkeet dach awer limitéiert wär, wa si hir Cotisatiounen net bezuelen?

Wat huet de Lëtzebuerger Wäibau dovun? D'Qualitéit vun eise Wäin ass, Gott sei Dank, an dat muss een héich unerkennen, an de leschte Jore ganz staark verbessert ginn. Dat ass, wéi ech schonn ugedeit hunn, net de Verdéngscht vun der OIV, mä vun der Verbesserung vun de Methoden, souwuel am Wéngert, wéi am Keller, déi ganz vill op bilateral Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner berouen.

Wat passéiert, Här President, an der Realitéit hei an eise Wäissektor? Mir stelle fest déi lescht Joren an do gëtt et Chiffres à l'appui am Rapport vum Landwirtschaftsministère, datt eise Maart ëmmer méi iwwerschwemmt gëtt vu Wäin, vu Wäiprodukten aus der ganzer Welt. Dat geet vu Chile bis Südafrika, ech géing bal soen iwwert den Nordpol, fannt Der alles an de Supermarchéen niewent eisen indigène Wäiner leien, schéin opgemaach zu Präisser, wou de Lëtzebuerger Wäin a ville Fäll net mathale kann.

Keen dobausse freet ënner wat fir Konditiounen dese Wäi produzéiert ginn ass, an do komme mer op eng Diskussioun, déi vläicht hei e bëssen noschwäift, mä déi dach awer muss an deem Zesummenhank gestallt ginn, well et jo hei ëm eng international Organisatioun geet.

Här President, bal iwwerall hu mer Regeln, hu mer an eise Land Normen, Normes de protection, déi applizéiert ginn. Ech fänken u mam Secteur public. Et géing kengem Mënsch afale fir ze soen, d'Plaze beim Etat a bei de Gemenge géingen elo international fräi ausgeschriwwen ginn an dee Bëllegsten kënnt dann hei déi Plaze kréien. Do krite mer en Opstand, dat géing och net goen.

Mir hunn am Privatsektor Normen, d'Normes de protection, Gott sei Dank fir d'Arbeitnehmer, déi musse strikt respektéiert ginn. Dat huet derzou gefouert, datt déi Leit, déi als sou genannt Hierschtleit an d'Wéngerte schaffe kommen, och mussen zum lëtzebuergesche Mindestloun bezuelt ginn. De Wäin, deem awer aus deene Länner heihinner kënnt, do ass kee Mënsch, dee freet ob déi Leit, déi dohannen an de Wéngerte geschafft hunn, och hu misse mat deemselwechte Mindestloun bezuelt ginn. Ech mengen doraus ergëtt sech eng Situatioun, déi net richtig ass, déi total an Défaveur vum Lëtzebuerger Wäibau ass.

Och ökologesch Normen, déi, Gott sei Dank muss ee soen, besonnesch an der Europäescher Unioun an och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi contraignant ginn. Eis Wénzer bekloe sech deelweis souguer driwwer, Här Minister, datt se Sprëtzmëttelen net dierften asetzen hei zu Lëtzebuerg, déi awer direkt déi Säit vun eise Grenzen erlaabt sinn. Mä mer wëssen, datt et ëmmer méi streng gëtt, datt mat groussem Käschtenopwand, mat biologesche Methode geschafft gëtt, wat eng gutt Saach ass.

Et freet awer keen, ob deen chileneschen oder dee südafrikanesche Wäin, deen hei gläichberechtigt niewent dem Lëtzebuerger Wäin an de Regaler läit, och ënnert deene Konditiounen huet misse produzéiert ginn. Dat ass de reelle Problem mat deem de Lëtzebuerger Wäibau konfrontéiert ass. Hei gëtt ganz däitlech mat zweeërlee Mooss a Gewichter geschafft. Lëtzebuerg huet en héije Liewensstandard, dat ass gutt, mä mir hunn awer och doraus resultéierend héich Käschten, mir hunn op där anerer Säit e fräie Maart. Dat ass en Nonsens, dat ass e Widersproch a sech, woumat eise Wäibau op d'längst net lieue kann.

(Interruption)

Et ass virun allem, Här Scheuer, de landwirtschaftleche Sektour, deen dovunner beträff ass.

Dat erkläert sech och aus der Tatsaach, datt déi Länner, déi natierlech bestreift sinn, an zu Recht bestreift sinn, fir op d'europäesch Mäert ze kommen, do wou vill Kafkraaft ass, probéieren heihinner ze drécken, well se och net vill aneschters unzibidden hu wéi Basisprodukter, wéi Produkter, déi vum Buedem kommen, déi aus der Agriculture an aus der Viticulture kommen.

An et muss ee sech d'Fro stellen, ob dann, Här Minister, mir hu jo och schonn an der Agrarkommissioun doriwwer diskutéiert, datt natierlech Drock op d'Europäesch Communautéit gemaach gëtt fir hir Mäert opzemaachen, a wou dann och am Ministerrot gemengt gëtt mir missten dat maachen a mir kënnten eis do net verspären am Kader vun der WTO. Mä et kann dach net sinn, datt weltwäit d'Entwécklungspolitik op Käschte vun de Baueren a vun de Wénzer gemaach gëtt. Dat geet souwiso an der gesamter Mass vun der Entwécklungspolitik net op.

Den Dokter Radermacher, deen d'lescht Joer bei de Jongbaueren a Jongwénzer war, dee sech intensiv mat där Problematik befaasst huet, huet gesot, datt déi entwéckelt Länner kontinuierlech missten 2% vun hirem PIB an déi ënnerentwéckelt Länner, fir et emol pauschal ze soen, transféréiere während enger ganzer Zäit, fir den Aarmutt aus der Welt ze verbannen. Dat kann net doduerch geschéien, datt mer exklusiv d'Mäert bei den Agrarprodukten opmaachen.

Et wär gutt, Här President, wann d'OIV an hirem Statut stoen hätt, datt se sech och géing ëm déi Problemer bekëmmere. Mir wëssen awer, datt dat wäit, wäit iwwert d'Missioun vun der OIV, wéi se definéiert ass, oder wéi se am Statut festgehalten ass, erausgeet. Dat ass dofir och net de Fall. Mä de Problem bleift bestoen an ech hoffen, datt eis Vertrieeder vu Lëtzebuerg, wa se dann dohinner ginn an iwwer Norme schwätzen, och iwwert déi aner Norme schwätzen, ënnert deene produzéiert gëtt, fir datt déi Concurrence déloyale, déi sech an eise Geschäfte, an eise Supermarchéen ofspillt, op d'mannst net méi esou schro ass wéi se de Moment ass.

Här President, ech - a mir als Fraktioun - si vun der Noutwendegkeet vun der Memberschaft an der OIV net esou schrecklech iwwerzeegt, an och aus där Situatioun eraus, déi ech elo geschildert hunn, aus där Onzefriddenheet an aus eise Désaccord mat der jëtzegeger Situatioun eraus, wëlle mir eis bei deem Projet enthalen.

Ech soen lech merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Et ass keen Diskussionsriedner méi agedroen. Da gi mer d'Wuert an de Wäibau- a Landwirtschaftsminister Fernand Boden.

■ **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Här Pre-

sident, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech ganz frou, datt mat Ausnahm vun der ADR-Fraktioun, déi sech jo wëllt enthalen, dese Projet eng ganz grouss a breet Zoustëmmung hei an der Chamber fénnt. Duerch dese Projet gëtt jo den Accord vum 3. Abrëll 2001 iwwert d'Organisation internationale de la vigne et du vin, den OIV wéi e genannt gëtt, approuvéiert.

Et ass och schonn drop higewise ginn, datt Lëtzebuerg zu de Grënnungsmembere vum OIV gehéiert, an dat zënter 1924, an et ass och drop higewise ginn, datt den OIV scho weltwäit eppes duerstellt, datt e 45 Memberstaten a senge Reien zielt, datt den OIV ronn 83% vum Wäibauareal op der Welt representéiert a méi wéi 95% vun der Weltproduktioun a vun der Weltconsummatioun. Dat e bësse fir de Stelleväert vum OIV ze dokumentéieren. Et ass och kloer, datt den OIV, och wann e vläicht net genügend bekannt ass hei zu Lëtzebuerg, en intergouvernementalen Organismus ass, dee virun allem e wëssenschaftlechen an technesche Charakter huet. Dese Organismus huet eng international unerkannte Kompetenz an alle Froen, déi iwwert de Wäibau an déi mat dem Wäin ze dinn hunn, an dat esouwuel am Intérêt vun de Produzenten wéi och vun de Konsumenten, dat ass jo hei ënnerstrach ginn.

An ech mengen et wär wichteg a wesentlech, datt Lëtzebuerg an deem internationale Gremium vertritt ass, an ech kann net d'accord si mat den Ausföhrungen oder mat der Skepsis, déi den Här Mehlen hei dokumentéiert huet. Ech mengen, mir dierfen eis international net isoléieren, a besonnesch wann een a punkto Welthandel kuckt, da muss ee frou sinn, datt et Organismë ginn, déi international Kompetenz hunn, wéi den OIV, deen dofir suert, datt de Welthandel nach a gewëssene Regeln an no gewëssene Spillregele funktionéiert, wat de Wäibau an de Wäin ubelaangt.

Ech menge schon, datt et wichteg ass, datt mer an deene Gremien derbäi sinn, datt mer kucken um leschte Stand ze bleiwen, datt mer versiche fir eben och do d'Lëtzebuerger Intéréiten esou gutt wéi méiglech ze verrieden. Mir sinn, dat wëll ech dem Här Scheuer soen, vertritt am Comité exécutif, mir ginn dohinner wa Problemer diskutéiert ginn, wou mer mengen, datt mer eppes kënnten derbäileieren, déi wichteg fir eis sinn. Esou zum Beispill an der Problematik vun der Önologie. Also ech menge schon, datt et falsch wier fir aus deem Gremium eraus ze goen.

Den Här Mehlen huet vun Amerika geschwat, ech mengen den Direkter Weydert huet lech an der Kommissioun erkläert woufir d'Amerikaner ee Moment erausgaange sinn, elo awer erëm erakommen. Dat huet näischt mat der Kompetenz ze dinn, et huet mat ganz anere méi Terre-à-terre-Problemer ze dinn.

Et ass keen, deen d'Kompetenz vum OIV unzweifelt, dofir mengen ech schon, datt et wichteg wier, datt mer och dokumentéieren, datt mer wëlle weider an deem Gremium bleiwen. Ech mengen dofir wär et och wichteg, datt mer desen Accord vum 3. Abrëll 2001, deen am Fong dem OIV besser Aarbechtsméiglechkeete gëtt, hei an der Chamber guttheeschen.

Et ass nämlech esou, datt elo haut scho 27 Memberstaten desen Accord ratifizéiert oder approuvéiert hunn, an deen Accord trëtt a Kraaft wann 31 Memberstaten dat gemaach hunn, an dat soll bis spéitstens den 31. Dezember vun deem Joer de Fall sinn, an et wär net glécklech wa Lëtzebuerg net do-

zou géif bäidroen, datt e méiglechst schnell kann a Kraaft trieden.

Et ass och vum Règlement d'ordre intérieur geschwat ginn. Ech mengen de Rapporteur Lucien Clement, deem ech och merci soe fir säi Rapport, huet déi Problematik opgeworf. De Statsrot hat och kuerz doriwwer geschriwwen. Dee Règlement d'ordre intérieur wäert am Laf vun 2004 veröffentlecht ginn, an och do ass déi finanziell Belaaschtung, déi esou e bëssen an de Raum gestallt gëtt, awer net ganz gravéierend. Wa Lëtzebuerg dovunner géif Faillite goen, ech mengen da misste mer mat ganz vill anere Saachen ophalen. Déi finanziell Belaaschtung, déi war elo ronn 12.000 Euro pro Joer, déi wäert, no de Berechnungen, déi gemaach gi sinn, ronn 15.000 Euro pro Joer sinn.

Also ech mengen net, datt dat de Lëtzebuerger Stat géif ruinéieren, a wann elo nach e puer Leit aus dem Wäibauinstitut 2-, 3-mol op Paräis fuere fir do a Réuniounen ze sinn, dann ass dat och eppes wat éischter positiv wéi negativ ass. Dofir sinn ech frou, datt trotz allem déi meescht Leit hei d'Wichtigkeet unerkennen, fir datt mer an dem OIV vertritt sinn, datt mer do matschaffen, em eng besser Schafensbasis ginn, an dofir merci fir dee groussen Accord, déi grouss Zoustëmmung, déi dese Projet fonnt huet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4944 ass mat 48 Jo-Stëmmen a 7 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Patrick Santer), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Norbert Haupt) et Claude Wiseler (par M. Marco Schank);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par Mme Simone Beissel), Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Théo Stendebach), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, John Schummer (par Mme Maggy Nagel) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Renée Wagoner) et Mme Renée Wagoner.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen),

Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5064 iwwert d'Schafung vun der Administration des Services vétérinaires. Et sinn agedroen: den Här Wohlfart, d'Madame Nagel an den Här Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

2. 5064 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

■ **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi an den 80er Joren déi éischt Liewensmëttelskandalen opgedeckt gi sinn, do konnt nach kee virausgesinn, datt dat nëmme den Ufank vun enger Kette vu Krisen duerstelle géif, vu Skandalen, déi sech als séier schicksalhaft fir déi europäesch Agrarwirtschaft erweise sollten, an déi och Ausmoossen ugeholl hunn, wéi mer der bis dato nach net kannt hunn.

De Volume vun den Ausmoosse géllt esouwuel fir dee finanzielle Volet wéi och fir dat doduerch verluere gaangend Vertraue vum Konsument an déi verschidden Agrarprodukter. Hormonfleesch, gepanschten Uelecher a Wäiner, Listeriose, d'Fiddere vun den Déiere mat Antibiotiken, mat Dioxin kontaminiert Geflügel, d'Schwéngspesch an net zu Lescht BSE an och d'Maul- und Klauenseuch haten d'Vertraue vum Konsument an déi europäesch Agrar- a Liewensmëttelproduktioun nohalteger zerstiéiert.

De Sektour selwer an d'Politik op europäeschem wéi och op nationalem Plang ware gefuerdert, fir eng Agrarproduktioun ze garantéieren, déi fir de Konsument bedenkenlos ass an déi sech dauerhaft op engem qualitativ héijen Niveau géif halen.

Och zu Lëtzebuerg huet sech d'Politik misse Gedanke maache fir déi Mesuren an d'Weeër ze leeden, déi d'Vertraue vum Konsument erëm hierstelle sollten. Am Juli 2001 huet sech dëst Haus mat der Problematik vun der Liewensmëttelsécherheet a mat der Zukunft vun der Agrarlandschaft en tant que telle beschäftegt.

Am Rapport vun der parlamentarischer Agrarkommissioun goufen eng ganz Rei vu Pisten opgezeechent a Konkursiounen festgehalten, déi haut fir d'Emsetzung vun deser Politik wichtig Bausteng duerstelen. Dat Gesetz, wat mir elo diskutéieren ass eng vun de Suiten, déi mer deser Debatt wëlle ginn.

Et ass gewosst, Här President, datt d'Administration des services vétérinaires um Niveau vun der Santé publique eng ganz wichteg Roll spillt an um Niveau vum Lëtzebuerger Agrarsektor net méi ewechzedenken ass. De Volume vun de Kontrollen huet an deene leschte Joren zolidd augmentéiert. Et geet u bei de Kontrollen iwwert de Bien-être des animaux um Bauerenhaff selwer. Am Schluechthaus gëtt d'Vei eng zweete Kéier am liewegen Zoustand an duerno selbstverständlech och a geschluachten Zoustand kontrolléiert. Och den Transport vum Vei fällt ënnert des Kontrollen. Weider Missiounen vun der Vétérinairesinspectioun sinn d'Kontrolle vun alle Liewensmëttelen, déi d'origine animale sinn. Dat betrëfft iwwert d'Produktioun eraus déi ganz Filiären, déi d'Liewensmëttel a sech

duerchlafen, souzesoen de l'étable à la table.

D'Agrarkommissioun ass am Juli 2001 ënnert anerem zum Schluss komm, datt d'Vétérinairesverwaltung net genügend Personal zur Verfügung hätt fir dësen Aufgaben, déi sech an deene leschte Méint nach erweidert hunn, gerecht ze ginn.

2002 huet d'Administration des services vétérinaires hiert Personal zousätzlech mat véier Vétérinainen opgestockt, déi «hors cadre, faute de base légale adaptée» nominiert goufen. Doriwwer eraus wëll ech preziséieren, datt den aktuelle System fir op temporaire Vacatairen zrëckzegräifen u sech warscheinlech de Stat méi deier gëtt wéi Vétérinainen, déi als Fonctionnaire à plein temps agestellt sinn.

De virleiende Gesetzesprojet gesäit vir d'Paragraphen 1 an 2 vum Artikel 5 aus dem Gesetz vum 29. August 1976 iwwert d'Schaffung vun der Administration des services vétérinaires ofzeänneren. D'Gesetz vun 1976 ass schonns emol duerch d'Gesetz vum 28. Dezember 1992 iwwert d'Inspektioun vun dem Fleesch an de Fleeschprodukter modifizéiert ginn.

Et sinn, Här President, zwou grouss Ännerungen, déi dësem Projet zu Grond leien. Mat där enger ass d'Gesamtzuel vun de Laboranten net méi op sechs limitéiert.

Ier ech op dat erweidert Aufgabefeld vun der Administration des services vétérinaires zrëckkomme wëll, wëll ech kuerz op d'Antécédent vum dësem Gesetz agoen.

Den 9. Dezember 2002 huet de Landwirtschaftsminister Fernand Boden de Gesetzesprojet 5064 an der Chamber deponéiert. An der Sëtzung vum 27. Februar 2003 huet d'Agrarkommissioun hire Rapporteur zu dësem Text designéiert. De Statsrot fir säin Deel huet säin Avis den 3. Juni 2003 ofginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet den 13. Dezember 2002 hiren Avis zu dësem Text ofginn. Den Avis vum Collège des Vétérinaires, op deem ech herno awer nach eng kéier wëll zrëckkommen, ass den 19. September erakomm. Last but not least huet d'Agrarkommissioun de schréftleche Rapport an der Sitzung vum 18. Juni analyséiert an och adoptéiert.

Ech mengen, datt et wichteg ass ervirzehiewen, datt sech d'Aufgabefeld vun der Administration des Services vétérinaires an de leschte Joren erweidert huet, an dat net nëmme weinst de Skandal, déi déi europäesch Liewensméttelbranche erschüttertt hunn, mä och am Kontext vun der Santé animale ass d'Vétérinairesadministratioun an de leschte Méint virun enorm Erausforderunge gestallt ginn. Ech denken do beispillsweis un d'Maul- und Klauenseuch, esou wéi un d'Schwéngspesch, d'Geflügelpesch. Fir dës Epidemien effikass kënnen anzedämmen an och ze bekämpfe waren eng ganz Rei vu Schutzmoosnamen a selbstverständlech och eng ganz Rei vun zousätzleche Kontrollen noutwendeg ginn, déi vun der Vétérinairesadministratioun hu missen duerchgefouert ginn.

An de leschte Joren ass den Handel mat Déiere rasant an d'Luucht gaangen. Et ass eng Tatsaach, datt grad de globaliséierten Handel mat Déieren, deenen hiert Fleesch fir de mënschleche Konsum bestëmmt ass, de Risiko vum Ausbruch vun Epidemien nach erhéicht huet an och nach erhéije wäert. Dobäi kënn nach en anere Risiko, deen an deene leschte Wochen a Méint d'Aktualitéit bestëmmt huet. Duerch den Ausbruch vum SARS sinn d'Geforen daitlech ginn, déi am Zesummeliewen op engstem Raum vu Mënsch an Déier bestinn. Och wann dës

Krankheet an de leschte Wochen eenegermoossen agedämmt konnt ginn, esou ass d'Mënschheet dach awer net gefeit géint d'Apparitioun vun neien Epidemien, déi sech vum Béischt op de Mënsch iwwerdroe kënnen.

Fir dës Gefor mat engem effikasse Schutzschëld entgéint ze trieden, brauchen eis spezialiséiert Agencen an Autoritéiten heiheem an och soss wou an Europa dat néideg qualifizéiert Personal fir dësen Aufgabe kënnen gerecht ze ginn.

Och am Domän vum Déiereschutz huet sech virun allem op europäeschem Niveau an de leschte Jore villes um legislative Plang gedoen. D'Anhale vun dëse Bestëmmungen erfuerdert dofir verstärkt Kontrollen um Terrain an dat net zu Lescht, well den aktiven Déiereschutz haut e wichtige Bestanddeel am Kontext vun enger integréierter Approche zur Liewensméttelsécherheet duerstellt.

Zum Schluss wëll ech nach drop hiweisen, datt aus dësen Aufgabestellungen eraus d'Noutwendegkeet gewuess ass, fir op europäeschem Niveau, dat heescht an de spezialiséierte Gremië wéi dem Conseil oder wéi der Kommissioun, present ze sinn, fir d'Interessen an d'Uleisse vu Lëtzebuerg ze trieden.

Mir wëssen alleguer, datt vill, fir net ze soe bal all, Décisiounen op communautairem Plang an dëse Gremië geholl ginn. Zum géigewäertegen Zäitpunkt ass et der Administration des services vétérinaires net méiglech fir ëmmer an iwwerall Lëtzebuerg ze trieden, also ass et och aus dëser Vue net vu Muttwëll fir d'Administration des services vétérinaires personell opzestocken.

De Collège des Vétérinaires begreisst ausdrécklech den Objet vun dësem Projet, gëtt awer gläichzäiteg ze verstoen, datt am Kontext vun de ville Kontrollen, déi mussen ausgefouert ginn, et noutwendeg wier, fir och weiderhin op sou genannten Agents sanitaires zrëckzegräifen, wéi dat beispillsweis bei der Inspection sanitaire vun der Santé schonns de Fall ass.

Zu gudder Lescht wëll ech ervirhiewen, datt de Statsrot a sengem Avis keng Bedenken zu dësem Projet hat.

Här President, aus all deem ergëtt sech fir d'CSV-Fraktioun d'Konklusioun, datt dat hei e wichtige Projet ass, fir de Konklusiounen, déi mer am Kader vun der Debatt iwwert d'Liewensméttelsécherheet am Juli 2001 gezunn hunn, och eng praktesch Applicatioun ze ginn.

Ech wëll dofir zum Schluss den Accord vu menger Fraktioun ginn a merci soe fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Den Här Georges Wohlfart ass als éischten Diskussionsriedner agedroen a kritt domadder d'Wuert.

Discussion générale

M. Georges Wohlfart (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt virop och dem Rapporteur merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, dee jo, géif ech soen, ons alleguer virgeluecht huet ëm wat et hei geet.

Et ass e wichtige Projet, dee mer haut diskutéieren, och wann et vläicht net esou vu jidderengem gesi gëtt. Mir hunn an deene leschten zwee Joer an dësem Haus méi wéi eng kéier iwwert d'Problemer, déi direkt an och indirekt mat der Liewensméttelsécherheet ze dinn hunn, konnten diskutéieren. Och de Rapporteur huet drop higewisen, dass mer am Juli 2001, nodeem mer an deene Méint virdrun e grouss ugeluechten Hearing hate mat allen Interesséierte vum Secteur, déi do gelauschert gi sinn, déi hir Kriticke konnten ubréngen an och hir Virschléi, de Rapport

ugeholl ginn ass an der zoustänneger Kommissioun mat enger Rei Konklusiounen an ech mengen dëse Projet de loi ass de logesche Suivi vun deem wat mer deemools hei décidéiert hunn, dat heescht, d'Opstockung vum Personal, dat néideg ass fir d'Kontrollen um Terrain virzehuelen.

Den Exposé des motifs ënnersträicht dës Tatsaach zur Genüge. Ech wëll also net heiprop agoen, mä ech wëll zwee Punkten ervirsträichen. Och de Rapporteur huet déi zum Deel ugeschnidden.

Ech mengen, d'Globalisatioun vum Wuere Austausch, och um Secteur vun de Liewensméttel an um Secteur vun dem Transport vun de Béischte mat zum Deel, géif ech soen, schonn abstruse Situatiounen, wann een nëmme kuckt wat fir Distanzen heiandsdo zrëckgeluecht ginn, fir dass do kann iergendwéi deen Handel iwwerhaapt enstoen, bréngt et mat sech, dass ëmmer méi d'Gefor vun den Epidemien, déi mer an deene leschte Jore kannt hunn, zouhëlt.

Ech sinn der Meenung, dass een net soll dramatiséieren, mä wann een awer kuckt wéi vill Problemer an der Europäescher Unioun déi lescht Jore waren an och ëmmer méi kuerz Intervallen do matgespillt hunn, da weess een, dass d'Suerg vun deene Leit um Terrain, och vun de Veterinärsinspekteren, dass an der Zukunft nei Skandaler virprogramméiert sinn, dass déi net vun der Hand ze weisen ass. Also ass et wichtig, dass mer ons déi néideg Mëttele ginn um Plang vun der Preventioun fir kënnen aktiv anzepräifen an net nëmmen, wéi dat bis elo zum Deel de Fall war, anzepräifen, wann akut Krise bestanen hunn, déi souwisou de grouss Schued bruecht hu fir de Produzent, mä och ëmmer erëm op en Neits, géif ech soen, d'Vertraue vum Konsument erschüttertt hunn.

De Risiko vun neien Epidemien ass also an deene leschte Wochen a Méint och drastesch virun A gefouert gi mat der Problematik vun der SARS, an ech sinn der Meenung, dass, och wa momentan Entwarnung ass, mer erëm musse wachsam bleiwe fir an Zukunft ähnleche Situatiounen ze begéinen.

Zweetens hu mir virdrun hei diskutéiert iwwert d'Opportunitéit vun der Presenz vu Lëtzebuerg a verschiddenen internationalen Organe. Ech wëll net dorobber zrëckkommen. Ech sinn der Meenung, dass et wichteg ass, dass mer an Zukunft och zu Bréissel, net nëmme wéi bis elo selektiv, well mer d'Leit net haten, a verschidde Comitéen derbäi sinn, mä dass mer versichen esou gutt wéi méiglech vertraeden ze sinn. Well d'Problematik vun där mer hei schwätze gëtt sécherlech net méi kleng wa mer zu 25 sinn. Dat muss ee sech ganz kloer virun Ae féieren an dofir mengen ech, ass et och wichteg, dass Lëtzebuerg an deene Gremien zu Bréissel net nëmmen um Niveau Ministerrat, mä och scho virdu present ass, fir u wichtigen Diskussiounen kënnen deelzehuelen.

Dofir ass et fir mech a meng Fraktioun iwwerhaapt kee Problem, aus deene Grënn, déi ech lech duergeluecht hunn, hei d'Zoustëmmung ze gi vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. Dat ass fir mech evident an ech wëll och nach eng kéier dat ënnersträiche wat am Avis vum Collège des Vétérinaires steet, dat heescht, dass se gär hätten, dass am Kader vun dëser Reform se méi Ënnerstützung kréien duerch d'Agence sanitaire, déi hinnen kënn en Deel vun der Aarbecht ofhuelen, well jo ëmmer méi Analyse musse gemaach ginn. An ech mengen, wat op där enger Säit an der Division vun der Inspection sanitaire vun der Gesondheet méiglech ass, misst jo och hei an

dësem Fall méiglech sinn. Also wéi gesot, insgesamt e positive Schrëtt an déi richteg Richtung.

Ech muss awer, Här President, trotzdem ech den Accord vu menger Fraktioun ginn, nach eng kéier bedauern, dass mer nëmmen a mengen Aen hallef Aarbecht maachen. Ech kritiséieren dat hei net, wat gemaach gëtt, mä mir haten an der Diskussioun, déi mer gefouert hunn am Juli 2001 bei der Konklusioun iwwert den Hearing, eng Proposition de loi, et deet mer Leed, dass ech dat nach eng kéier widerhuelen, vu mengem Kolleg Ben Fayot, iwwert d'Schafung vun der Agence de la sécurité alimentaire. Déi ass momentan op Äis geluecht ginn. Ech sinn der Meenung, dass dat en Organ ass, dat mer roueg kënnten hei zu Lëtzebuerg aféieren.

Éischtens weinst senger onofhängeger Stellung vis-à-vis vum Pouvoir politique.

Zweetens weinst der Berodung, déi et ka maachen, esouwuel am Dëngscht vum Produzent, wéi och vum Konsument a wat ech och wichtig fannen, dat ass de wëssenschaftlechen Aspekt, wou esou eng Agence de la sécurité alimentaire kënn sécherlech e positiven Aspekt bréngen, alles wat d'Forschung ubelaangt am Beräich vun der Liewensméttelsécherheet. Ech menge mir sollen och an déi Richtung weider iwwerleeën.

Ech weess, dass mer, Här President, an den nächste Wochen nach wäerten de Projet Uni Lëtzebuerg diskutéieren. Ech mengen, dat hei wier op jidde Fall e Volet, deen ee kënn roueg mat abannen an déi Diskussioun. Dat mer net eleng alles kënnen maachen, däers sinn ech mer bewosst, da solle mer dat am Verbond mat der Groussregioun maachen. Mä op jidde Fall, ech wier frou, wa mer eng kéier kënnten déi Diskussioun iwwert d'Kreatioun vun dëser Agence vun der Sécurité alimentaire nach eng kéier ophuelen.

Wéi gesot, ech bréngen awer trotzdem den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Maggy Nagel.

Mme Maggy Nagel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt dem Rapporteur merci fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport, an de Kolleg Jeannot Belling huet mer nach un d'Häerz geluecht fir och merci ze soen, well hien dat vergiess hat virdrun, fir de Rapport, deen de Rapporteur bei deem Projet de loi vu virdu gemaach huet.

(Interruptions)

Wéi de Rapporteur et scho gesot huet ass dee Projet hei vun enger immens grousser Wichtigkeet. A mengen Ae geet et hei net just ëm d'Amélioratioun vun enger Administratioun oder ëm d'Opstockung vum Personal, also eppes Technesch, mä hei geet et virun allem ëm ons aller Gesondheet an ëm d'Opbesserung vum Image vun onser Landwirtschaft, déi an deene leschte Jore schwéier gelidden huet duerch Liewensméttelskandalen an Epidemie bei den Déieren, net ze schwätze vum finanziellen Impakt fir d'Bauern.

Ech erënneren hei nëmmen un d'Schwéngspesch vum leschte Joer, där iwwer 18.000 Déieren zum Affer gefall sinn. Do hu vill vun onse Matbiirger déi wichteg an excellent Aarbecht vun der Veterinärinspektioun konnte matverfollegen. D'Missiounen vun der Veterinärinspektioun sinn zahlreich, si si schonn ernimmt ginn. D'Vermeidung vun Epidemien ënnert den Déieren, a besonnesch déi, déi sech op de Mënsch iwwerdroe kënnen, d'Kontroll vun den lesswueren aus Déiereproduktiounen, d'Kontroll bei den Déierenimporter um Findel, d'Kontroll vun der Proktioun an dem Wuelergoe vun

den Déieren an natierlech och d'Participatioun un de Réuniounen vun der Europäescher Unioun zu dësen uewe genannten Theme si wichteg.

Ze vermierken ass hei och, datt déi EU-Règlementatioun ëmmer méi komplex ginn ass. Et ass natierlech esou, datt ee kann esou vill Réglementatiounen erlooosse wéi ee wëllt. Et kann ee just um Terrain kontrolléieren, ob se dann och wierklech agehale ginn.

D'Aarbecht vun der Veterinärverwaltung um Terrain mécht also e groussen Deel vum Aarbechtsopwand aus. Mä et muss och am Laboratoire geschaff ginn. Analyse mussen duerchgefouert ginn a Konklusiounen aus dësen Analyse musse gezu ginn an esou weider an esou fort.

D'Komplexitéit vun der Aarbecht, déi eng ëmmer méi grouss Spezialiséierung voraussetzt, klëmmt also an et läit op der Hand, datt ee méi Leit braucht an och méi forméiert Leit fir deem kënnen gerecht ze ginn. Et muss een d'Zäit an d'Formatioun kréien, fir sech an déi komplex Dossiere kënnen ze knéien, well et muss ee virbereet sinn, fir Entscheedungen kënnen schnell a richteg ze huelen.

Well hei geet et ëm vill. D'Gesondheet vun den Déieren an de Mënschen, d'Vertraue vum Konsument an och d'finanziell Iwwerliewe vun engem Baurebetrib.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op d'mannst säit de rezente Liewensméttelskandalen ass gewosst, datt et net méi duergaangen ass mat der Zuel u Spezialisten, déi d'Gesetz vun 1976 virschreift. D'Administratioun konnt net waarden an huet du misse Leit hors cadre astellen a Vacatairen Aarbechten op Zäit musse leeschte loosson.

Dës Situatioun, déi weder fir d'Administratioun am grouss Ganzen, a besonnesch net fir déi Leit, déi hors cadre waren, gutt war, gëtt elo behuewen. Dat ass am Fong eng Régularisatioun vun enger Situation de fait, mä eng Régularisatioun, déi méi Sécherheet bréngt a méi Effikassitéit an déi wichteg Administratioun. Si kann also elo besser hiren neie Missiounen gerecht ginn.

Natierlech ass et esou, datt elo all nei Poste mussen iwwert de Budget genehmegt ginn.

Wann ech richteg verstanen hunn, ginn déi véier Veterinären, déi d'lescht Joer bäigezu goufen, elo automatesch an d'Fonction publique eran. Mir als Demokratesch Partei hu selbstverständlech kee Problem domadder. Mä, da muss dës Regel ënnert deeneselwechte Viraussetzungen och an anere Carrière kënnen gëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt de Service vétérinaire elo endlech déi néideg personaltechnesch Viraussetzungen kritt fir seng vill Missiounen kënnen korrekt ze erfüllen. An dësem Sënn bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun fir den heitege Projet de loi an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner huet den Här Robert Mehlen d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wie weess wat fir eng Bedeutung d'Déierenhaltung, d'Veihaltung hei zu Lëtzebuerg an der Landwirtschaft huet, dee weess och, datt dee Projet hei fir d'Landwirtschaft eng grouss Bedeitung huet. Mä, an dat ass och scho vu menge Virriedner gesot ginn an och vum Rapporteur, deem ech hei och wëll merci soe fir säi Rapport, d'Missiounen vun der Veterinärinspektioun gi wäit doriwwer eraus.

Si sinn am Laf vun der Zäit ëmmer méi vaste ginn, ganz besonnesch

am Beräich vun der Liewensmëttel-sécherheet. No all deene bedauerleche Skandalen, déi et ginn huet, ob dat Vergëftung waren, op dat Dioxin war oder ob et Seuche waren, wéi de BSE, deen dobaussen de ganze Randfleeschmaart perturbéiert huet, wou sech herno alerdéngs erausgestallt huet, datt déi Saach net esou dramatesch wär fir de Konsument, wéi et am Ufank ausgesinn huet, mä mer wëssen, datt et schwéier Dysfonctionnementen waren, déi dozou gefouert hunn. Dysfonctionnementen um europäeschen Niveau, déi zu Sanktiounen am Europaparlament gefouert hunn, wou ganz haart Kriticke geäussert gi sinn um Management vu Säite vun der europäescher Kommissioun. Wou deemools, Madame Stein, ob et lech gefält oder net, leider e Lëtzebuerger Agrarkommissar mat d'Verantwortung gedroen huet fir dat wat do passéiert ass.

Gott sei Dank sinn d'Léieren aus där Situatioun gezu ginn a Gott sei Dank sinn d'Kontrollen, déi absolut noutwendeg sinn an engem System vu Globaliséierung, wou ganz besonnesch d'Fuddermëttel duerch d'ganz Welt zirkuléieren a wou, wéi mer an der Dioxinaffär gesinn hunn, Firme keng Skrupel hu fir hir Ofäll, déi héich géfteg sinn, ënnert d'Fuddermëttel ze mëschen, fir se ze entsuergeren. Där Menace, deem Risiko kann den eenzelne Bauer sech net entgéint stellen. Do ass d'öffentlech Hand gefuerdert, do musse Kontrolle gemaach ginn.

Mir hunn och an deenen Diskussiounen, déi mer iwwert d'Liewensmëttelsécherheet haten, festgestallt, datt am Virfeld hei zu Lëtzebuerg eigentlech net genuch Kontrolle gemaach gi sinn, wat d'Kraaftfudder ubelaangt. Ech hoffen, datt dat sech an der Zwëschenzäit verbessert huet, well et ass notament iwwert dee Wee wou praktesch all Skandalen bis elo gelaf sinn a wéi gesot well den eenzelne Bauer keng Chance huet deem ze échappéieren, well déi Analysen, ganz besonnesch, wann een eng Dioxinanalys nëmmen hält, wann ech gutt informéiert sinn, ëm déi 1.000 Euro kascht. Dat kann den Eenzelnen net bezuelen an dofir ass do d'öffentlech Hand gefuerdert.

Et sinn awer och aner Aspekter déi matspillen, aner Missiounen, déi op d'Veterinärverwaltung zukommen, dat ass de Bien-être des animaux, deen ëmmer méi no vir gestallt gëtt, Gott sei Dank. Et ass d'Preventioun vun de Seuchen. Ech erlabe mer och aus landwirtschaftlecher Siicht e Wuert dozou ze soen, well leider och duerch den internationalen Trafic net nëmme vun den Déieren, mä vu Sperma a vun Embryoen, Seuchen, déi mer virdrun net kannt hunn, déi fir de Mësch net geféierlech sinn, mä déi vill Schued an de Baurebetriber urlichten, importéiert gi sinn, mat deenen d'Betriber permanent konfrontéiert sinn.

Mir hunn an der Agrarkommissioun op Initiativ vum ADR emol doriwwer diskutéiert, mä et ass net schrecklech vill geschitt, et wär och noutwendeg, datt mer eng national Strategie géingen entwéckele fir deem Fléau do, deen d'Landwirtschaft vill Geld kascht, dee vill Schued uricht, ganz geziilt a mat enger nationaler Strategie, wou kee Betrib sech kann deem entzéien, entgéint ze trieden. Dat ass an der Vergaangenheet bei anere Seuchen, déi deelweis och fir de Mësch geféierlech waren, wéi d'Tuberkulos, geschitt. Bei deene moderne Seuchen, déi net esou offensichtlech an Erscheinung trieden, mä déi wéi gesot vill Schued urlichten, ass dat bis elo leider net mat där Konsequenz gemaach ginn. Ech géing wënschen, Här Minister, datt dat an Zukunft géing geschéien.

Alles dat, Här President, geet net unni, datt een dat néidegt Personal huet. Dat hei si Missiounen, déi aarbechtsintensiv sinn, déi een zu

engem ganz groussen Deel net duerch Maschinnen oder duerch Ordinateuren oder wat och ëmmer kann duerchféiere loossen. Quitte datt Laboratoiresprozesser sech automatiséiere loossen, mä d'Kontrollen op der Plaz, d'Prélèvements des échantillons an esou weider, dat muss ëmmer nach vu Leit gemaach ginn. Dofir si mir d'accord, datt méi Leit hei zur Verfügung gestallt ginn. Net déi entscheidend Fro, awer eng wichteg Fro an deem Kontext ass déi: Muss dat duerch Fonctionnaire geschéien?

Dat ass e generale Problem, deen och gëschter an deem Débat, dee mer hei gefouert hunn, deelweis zum Virschäi koum. Mir sinn als ADR, contrairement zu deem wat meng Virriednerin gesot huet, net der Meenung, datt een all déi Fonctiounen misst fonctionnariséieren. Mir sinn au contraire der Meenung, datt ee soll eng Politik beim Stat féieren, wou een esou mann wéi méiglech Fonctionnairen huet a wou een esou wäit wéi méiglech Fonctiounen ënnert dem privaten Aarbechtsrecht, wat haut en Aarbechtsrecht ass mat deem all Mënsch liewe kann, ech mengen och am Privatsécteur, datt een dat also esou wäit wéi méiglech och ënnert dem privaten Aarbechtsrecht kann ofwéckelen.

Mir hunn an dem Document parlementaire gelies, datt déi jëtzeg Solutioun mat Vacataires, déi op d'Stonn bezuelt ginn, méi deier wär wéi d'Festastellung vu Beamten. Ech hoffen, datt dat esou ass, et licht engem zwar net esou richtig an. Mer wëssen och, datt déi Leit méi flexibel si wéi wa se fonctionnariéisert sinn, dat geet och aus deem Text ervir, mä mer huelen dann emol un, datt dat esou ass, dofir kënne mir mat där Solutioun liewen, mä, wéi gesot, generell si mer net där Meenung, datt alles soll fonctionnariséiert ginn, wat an deem Domän hei schafft.

An Zukunft ass den Numerus clausus bei enger Partie Fonctiounen opgehuewen, dat heescht et gëtt iwwert d'Budgetgesetz gemaach. Ech wëll och e Wuert dozou soen. D'Zuel vun den Agenten, huet de Statsrot jo och gesot, misst an Zukunft iwwert d'Budgetgesetz...

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Neen, neen. Et muss ëmmer iwwert den Numerus clausus goen. Dat ass d'Budgetgesetz.

M. Robert Mehlen (ADR).- Entschëllegt, ech hu mech schlecht ausgedréckt.

Den Numerus clausus gëtt dann am Budgetgesetz geännert.

Mer wëssen awer wéi dat normalerweis leeft. Et ass een Artikel am Budgetgesetz, wou dra steet, datt an Ofännerung vun deem wat bis elo bestanen huet, déi an déi Poste bäikéimen.

Natierlech steet dat dran, mä mir wësse wéi de Budget hei diskutéiert gëtt, dat sinn net déi Punkten, déi grouss erausstinn. Dofir wollte mir vun hei aus awer en Appel maachen, datt do schonn drop opgepasst gëtt. Wann och op där enger Säit d'Noutwendegkeet besteet, datt awer op där anerer Säit net iwwert d'Zil erausgeschoss gëtt.

Mir si leider, Här President, mat enger Entwécklung konfrontéiert, datt de Statsapparat sech ëmmer méi ausweit, an datt d'Käschte vum Statsapparat par rapport zum Gesamtbudget risquéieren, ganz besonnesch wann d'Recetten net méi esou klamme wéi an der Vergaangenheet a mer vläicht risquéieren esouguer hannerzech ze fueren, datt déi Froen en enorm groussen Deel vun eisem Budget anhuelen.

Dat gesot, wëll ech wéinst der Noutwendegkeet, déi sech ergëtt fir hei ze agéieren, trotzdeem den Accord vu menger Fraktioun bréngen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt dëse Projet de loi eng ganz breet Zoustëmmung an der Chamber kritt. Et ass vu jiddferengem drop higewise ginn, datt d'Administratioun vun de Veterinärsservicer ganz wichteg Aufgaben ze erfëllen huet, dat esouwuel am Beräich vun der Santé publique, vun der Santé animale wéi och vum Déiereschutz an iwwerhaupt vun der integréierter, géif ech soen, Liewensmëttelsécherheet, also vum Stall bis op den Dësch.

Et ass kloer, datt all dës Beräicher ëmmer méi eng grouss politesch, mä awer och gesellschaftlech Prioritéit kritt hunn. Et si vill Direktiven, Reglementer a Gesetzer, souwuel um europäesche wéi um nationale Plang an d'Wee geleet ginn, an dat wäert ganz sécher esou weidergoen. Doduerch sinn d'Aufgaben an d'Missiounen vun der Verwaltung vun de Veterinärsservicer natierlech ëmmer méi grouss ginn, souwuel, an dat ass hei ënnerstrach ginn, um preventive Plang wéi och um Plang vun der Berodung, a virun allem um Plang vun der Kontroll.

Den Här Wohlfart huet op d'Wichtigkeet vun der Preventioun higewisen. Mir wëssen datt d'Veterinärverwaltung do eng ganz grouss a wichteg Aufgab ze erfëllen huet. Ech muss soen, datt de gesondheetleche Status vun eisem Déierebestand ganz gutt ass. Mir hunn eng generell Epidémi-surveillance agefouert, wou och d'Veterinärspraktiker mat agebonne sinn. Mir hunn iwwert de Sanitel eng ganz gutt Identifikatioun vun de Béischen. Mir maachen eng streng Kontroll um Findel, wat den Import aus Drëttlänner ubelaangt.

Ech menge schon, datt op deem Plang viles geschitt ass. Dat soll natierlech weider ausgebaut ginn an ech sinn iwwerzeegt, datt d'Aufgabe vun der Veterinärsinspektioun ouni Zweifel an den nächste Joren nach wäerte weider wuessen. Mir wëssen alleguerten, datt d'Liewensmëttelsécherheet an den Déiereschutz nach ze verbesseren an ouni Zweifel auszebaue sinn. Et wäerten och an Zukunft weider Reglementer, Direktiven a Gesetzer an déi Richtung geholl ginn.

Ech wëll drop hiweisen, datt zum Beispill déi Reform vun der Agrarpolitik, déi virun e puer Deeg vum Agrarconseil gestëmmt ginn ass, och weider Akzenter a Richtung Déiereschutz a Liewensmëttelsécherheet setzt. Enner anere ass de Respekt an d'Anhale vun enger Rei vu Konditiounen an deem Beräich Virbedingung, fir iwwerhaupt kënnen direkt Bähëllefene ze kréien.

Ech weess och, datt dës Problemer lech um Häerz leien. Et ass scho méi wéi ees doriwwer geschwat ginn. Den Hearing, deen hei an der Chamber iwwert d'Liewensmëttelsécherheet war, ass ernimmt ginn. Och do ass ëmmer drop higewise ginn, datt ee misst d'Personal vun der Veterinärverwaltung an dat am Veterinärslabo opstocken, fir datt si hiren Aufgabe kënnte gerecht ginn. Mir hu versicht, dat en attendant ze maachen. Well awer de legale Kader begrenzt ass, hu mer dat missen iwwer Employés privés maachen. Zum Beispill ass d'Zuel vun de Veterinären ëm 4 op 18 opgestockt ginn, obschonn de legale Kader nëmme 14 Fonctionnaire virgesäit. Och am Laboratoire sinn haut néng Laboranten, obschonn de legale Kader der nëmme sechs virgesäit.

Mir hunn also scho virgebaut, fir ebe kënnen deene méi groussen Aufgabe besser gerecht ze ginn. Dëse Projet gëtt jo och der Verwaltung d'Méiglechkeet, doduerch datt déi limitéiert Zuel vu Fonctionnairen opgehuewe gëtt, fir hire gewuessenen Aufgaben nach besser gerecht ze ginn. Dat war jo ee gemeinsame Wonsch vun eis alleguer.

Ech wëll och nach eng Kéier ënnersträichen, datt fir jiddferen, dee beim Stat agehallt gëtt, de Numerus clausus spillt. Ech hunn net richtig d'Interventioun vun der Madame Nagel verstan, well och déi véier zusätzlech Veterinären hu missen iwwert den Numerus clausus agehallt ginn. Si konnten awer net fonctionnariséiert ginn, well de legale Kader op 14 limitéiert war. Si hu missen Employés privés ginn. Elo kënnen se fonctionnariséiert ginn. Dat ass deen normale Wee, deen ëmmer muss agehale ginn, an dofir mengen ech schon, datt dat hei iwwert déi normal Prozedur gaangen ass. Et ass awer berechtigt a gerecht, datt déi do Aufgabe vu Fonctionnaire gemaach ginn, well se direkt mat der Sécherheet ze doen hunn, esouwuel vun den Déiere wéi och vun de Mënschen. Et musse Kontrolle gemaach ginn, an déi kënnen am objektivste vu Fonctionnaire gemaach ginn.

Ech géif nach eng Kéier merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi mer hei kréien. Ech wëll och nach eng Kéier soen, datt mer versiche fir weider Schrëtt ze ënnerhuelen, wat de Veterinärslabo ubelaangt. Mir hunn eng Persoun agehallt, fir d'Accréditioun virzebereeden, mä mir wëssen, datt dat awer nëmme méiglech ass, wann de Veterinärslabo op en neie Site kënnt. Ech hoffen, datt dee Site vun Dideleng, wou jo soll eng Integratioun vun dräi verschiddene Laboë kommen: dem Gesondheitslabo, deem vun der Émwelt a vum Waasser, a virun allem dann dem Veterinärslabo, datt déi dräi Projeten esou schnell wéi méiglech hei an der Chamber gestëmmt ginn, fir datt mer op deem Plang kënnen d'Accréditioun vum Labo kréien, an esou nach besser kënnen am Intérêt vun der Liewensmëttelsécherheet a vun der Déieresécherheet insgesamt schaffen.

Nach eng Kéier merci an der Hoffnung, datt duerch dëse Projet an deem Beräich nach kënne weider Efforté gemaach ginn.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5064 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5064.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5064 ass mat 53 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Patrick Santer), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauer, Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Jeannot Belling), Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel,

MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Memberen, déi an der Conférence des Présidents waren, wëssen, datt mer de Muere relativ Schwieregkeeten hu mat der Reiefolg vun de Gesetzesprojeten, well eng ganz Rei Ministere Rendez-vousen hunn, well mer net am Virfeld woussten, datt mer géingen haut de Mueren eng Sëtzung hunn.

Den Här Berger kann eréischt méi spët kommen, oder wa säi Rendez-vous méi laang dauert, dann ass ofgemaach, datt den Här Frieden hie géing ersetze bei deem Projet. Dofir géing ech virschloen, fir elo d'Projet vum Här Frieden ze huelen an dann déi vum Här Berger hannendrop, wann d'Chamber domadder d'accord ass? Den Här Boden misst fortgoen, hunn ech gesot kritt.

M. le Président.- Esou wéi ech d'Saach gesinn, ass et eng Afär vu nënnef Minutten, et ass eng Konventioun.

Mir kommen zum Projet de loi 4970, eng Konventioun iwwert de Schutz vun de Waasserzuchvigel. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Emile Calmes. Et ass nëmmen ee Riedner agedroen.

3. 4970 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la conservation des oiseaux d'eau migrants d'Afrique-Eurasie, fait à La Haye, le 15 août 1996

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Effektiv, Här President, geet et hei ëm d'Approbatioun an ëm d'Exécutioun vun engem Accord iwwert d'Erhale vun de Waasserzuchvigel am Raum Afrika, Europa an Asien, deen de 15. August 1996 zu La Haye ënnerschríwwen ass. Lëtzebuerg huet deen 1997 ënnerschríwwen.

Deen Accord erstreckt sech iwwert den integralen afrikanesche Kontinent, iwwert Europa, eng Partie vun Asien an eng Partie arkteschen Inseln am Nordoste vu Kanada. E betrëfft 117 Länner an et geet ëm 170 Zorte Vullen, vun deenen der 85 zu Lëtzebuerg konnten identifizéiert ginn, och eng Partie Kormoranen. Déi do hunn awer näischt mat deene béise Kormoranen ze dinn, déi eise Sportfëschder d'Fësch ewechbotzen.

Et ass en international juristescht Instrument, wou et a sech just ëm de Schutz vun deene Vulle geet. Et muss ee wëssen, datt d'Migratioun vun de Vullen effektiv een universelle Phenomeen ass, dee sech iwwer Dausende vu Kilometeren erstreckt an doduerch iwwert d'Grenze vun de Länner ewechfunktionéiert. Et ass awer esou, datt déi